PIRATEN
PIRATEPARTEI LËTZEBUERG
1A, RUE DE LUXEMBOURG
L-8184 KOPSTAL

n° 189

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alff Christian , 09:50, 09/02/2021

Lëtzebuerg, den 09/02/2021

**Här President,**

**Am Kader vun der Froestonn vum 09.02.2021 wéilt ech der Madamm Ministesch Paulette Lenert eng mëndlech Fro stellen.**

Eeler Persounen a Mënsche mat Virerkrankunge gëllen als besonnesch vulnerabel an der Covid-19-Pandemie. Leider ass et an der Vergaangenheet ëmmer nees virkomm, dass de Virus sech an Alters-oder Fleegeheimer séier ausgebreet huet a vill Leit d'Liewe kascht huet. Glécklecherweis huet Lëtzebuerg mëttlerweil awer Impfstoffer géint de Covid-19 geliwwert kritt a kann dës och prioritär vulnerabel Persounen an deenen, déi mat hinne schaffen, zur Verfügung stellen.

**An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:**

- A wéi villen Alters-a Fleegeheimer kruten d'Residenten an d'Personal schonn d'Geleeënheet sech impfen ze loossen?

  Wéi vill Persounen hunn vun der Offer profitéiert?

  Wéi vill Prozent wollten sech net impfe loossen?

- Gëtt envisagéiert Ringimpfungen ze maachen, bzw. ginn d'Persounen aus enger Struktur prioritär geimpft, wa bis ee positive Fall am Haus entdeckt gouf?

  Wéi oft ass d'Equipe mobile scho kuerzfristeg op e Site gaangen, fir do Impfungen duerchzeféieren, well Fäll an engem Alters-oder Fleegeheem bekannt waren?

An déiwem Respekt,

Sven Clement